

Syndicat des Fabriques d'église du Luxembourg a.s.b.l. RCS n° F 10322

✉ syfel@syfel.lu

✉ 15, am Duerf

L-7651 Heffingen

CCPL LU08 1111 7035 7433 0000

**SYFEL**

## „An elo rischt grad!“

### Wat méi Ënnerschrëften, wat besser!

Léif Kiercheréit alleguer,

Fir d'éischt e grouse Merci und Iech! Mir hunn et elo sécher gepackt an de Rendez-vous an der Chamber ass is gewëss, fir is Causa ze verteidegen.

Mee elo musse mir an der drëtter Phase eréischt richtig lass leeën: Wat mir méi Signaturen hunn, wat mir sécher méi Gehéier fanne bei de Politiker, fir hinnen deen Onsënn vun diem „Projet de loi“ ze verdäitlechen.

Kuckt Iech d'Initiativ „Fir de Choix“ un: Déi haten iwwer 24000 Ënnerschrëfte gesammelt. D'Petitioun fir d'Lëtzebuurger Sprooch hat der a Rekordzäit iwwer 10000. An déi hunn déi Ënnerschrëften och net all vun Näischt kritt.

**Elo musse mir richtig dobäi maachen,  
an is net mam Minimum zefridde ginn.**

Rechent Iech mol nëmmen aus, wann all Kiercherotsmember géing 10 Ënnerschrëften zesummekréien! ...


- Ëmmer méi Leit akzeptéieren a verstinn is Kritik a gesinn an, datt déi Petitioun näischt Schlechtes géint d'Bistum ass, mee am Sënn vun enger moderner Kierch ass. (Iwwer 5000 Ënnerschrëften huet d'Petitioun bis elo schonn bruecht.)
- Ëmmer méi Membere vum Klerus ënnerschreiwen an ënnerstëtzen is, wat d'Saach um Terrain natierlech vill méi einfach mécht.
- Ëmmer méi Gemengeverantwortlech sinn iwwerzeegt, datt deen Gesetzesprojet a senger jetzeger Fassung (Wann iwwerhaapt!!!) **NET** votéiert gëtt. (Rischt 8 Gemengen hunn bis den 3. Oktober Konventiounen an den Inneministère geschéckt.)

Fir dat weider ze fördern, hei nach eng Rei Virschléi, déi sech als erfollegräich erweisen hunn, fir Ënnerschrëften ze kréien:

- iwwerall do, **wou potentiell Signataire** sinn **uruffen oder schelle goen**, fir eng Ënnerschrëft ze kréien;
- an den **Altersheimer** froen, wien d'Petitioun géing ënnerstëtzen;
- Flyer a Petitiounlëschten **an all Boîte** droen, oder duerch d'Post verdeele loossen;

**Mir hunn nach vill Flyer: Wann nach een der brauch, mellt Iech einfach!!!**

- No de Masse sollen **d’Kiercherotsmemberen hannen an der Kierch** stoen, an de Leit carrement en Ziedelen/Flyer an de Grapp drécken an se drop uschwätzen;
- den **auslännesche Communautéiten d’Problematik méi no bréngen**, de Kontakt sichen an och do Ënnerschréfte sammelen. (D’portugisesch Communautéit bspw. ass staark dran engagéiert, mee si muss informéiert ginn, wéi all déi aner och!);
- alleguerten **Frënn a Familljememberen drop uschwätzen** (Jiddwereen iwwer 15 kann ënnerschreiwten.);
- wien op **Facebook** ënnerwee ass, kann do Reklamm maachen grad wéi och per Mail;
- an der Kierchen e „**Petitiounsbüro**” mat engem Dësch, Stull, Bic, Lëschten, Bréifkëscht ariichten.



Et wäert sech elo weisen, wéi gutt oder wéi schlecht sech déi sou dacks zu Onrecht ausschliesslech als „vereeelzten a gro” Kiercheréit lo hei uleeën, fir eppes z’erreechen.

Et huet sécherlech e bësse gebraucht bis mir um Lafe waren, mee et ass mat der Kiercheréit, wéi mat engem alen amerikaneschen Auto: Et muss een zwar zwee-, dräimol kierpe bis en start, mee wann en da bis leeft, ass keen Hales méi. An nach eppes: Sou Autoe si stabil, sécher a praktesch onverwüstlech.

Wann Dir schonn/nach Ziedelen hutt, da schéckt se w.e.g. schonn un de SYFEL, datt mir den Iwwerbléck behalen iwwer de Fortschrétt vun de Signature.

**Mat Courage an Elan loosse mer di Saache elo weider ugoen! Et ass elo, wou et gëllt a mir zielen op Iech alleguer!**

Mat beste Gréiss

Hiefenech, den 8. November 2016

  
Serge EBERHARD  
President

  
Marc LINDEN  
Vizepresident